N°1879
Entrée le 03.02.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 03.02.2025

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/02/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

An de leschte Joren ass et zu enger Hausse vu Gewalt a sexuellem Mëssbrauch duerch Mannerjäreger komm. Dëst ass e besonnesch alarmanten Trend, well et sech net méi just ëm Eenzelfäll handelt, mee ëm e wuessend Problem an eiser Gesellschaft. Experte weisen drop hin, dass et wichteg ass, d'Ursaachen an d'Warnsignaler fréizäiteg z'erkennen an unzegoen. Dobäi spillen d'Elteren eng wichteg Roll an der Präventioun a fréier Interventioun.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi eng konkret Mesurë plangt de Ministère fir d'Ursaache vun dësem Phänomen z'erfuerschen a besser ze verstoen?
2. Wéi kann d'Elterenaarbecht a Sensibiliséierung verbessert ginn, fir Elteren ze hëllefen, Warnsignaler fréizäiteg z'erkennen an adequat ze reagéieren?
3. Wéi kann d'Zesummenaarbecht tëscht Schoulen, Jugendservicer an anere relevanten Acteuren optimiséiert ginn, fir eng effektiv Präventioun a fréizäiteg Interventioun ze garantéieren?
4. Wéi kënne Kanner a Jugendlecher besser geschützt a begleet ginn, déi selwer Gewalt oder sexuelle Mëssbrauch ausgeüübt hunn, fir eng Reintegratioun an d'Gesellschaft z'erméiglechen an eng Recidive ze verhënneren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, a vun der Justizministesch, Elisabeth Margue, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1879 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**

**Ad 1)**

All Ministèren, déi vun dëser Thematik concernéiert sinn, huelen all Fall vu Gewalt a sexuellem Mëssbrauch ganz seriö a maachen eng Veille vun den nationalen an internationale wëssenschaftleche Publikatiounen zu dësem Sujet. De Regierungsprogramm gesäit eng Rei vu Mesuren a verschiddene Ministère vir, mam Zil d'Thematik besser ze verstoen an eng verbessert Prise en charge unzebidden.

Zudeem gëtt dësen transversale Sujet a verschiddenen nationalen Etudë behandelt wou de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENJE) drun deelhëlt. Gläichzäiteg ass et awer och wichteg, d'Erfarungswäerter aus de jeeweilege Servicer, déi am Alldag mat Jonken an dëser Thematik beschäftegt sinn, ze reflektéieren a permanent unzepassen. Mat dësem Zil huet zum Beispill de Centre socio-éducatif de l'État (CSEE) eng Kooperatioun mat den *Universitäre Psychiatrische Kliniken Basel*.

**Ad 2)**

All Servicer, déi am MENJE vun dëser Thematik concernéiert sinn, an déi sech och konkret un Eltere riichten, probéieren hir präventiv Offer auszebauen an ze sensibiliséieren. Sou bidden all Elterenforen, awer och déi konventionéiert Partenairë vum MENJE, wéi zum Beispill d'Eltereschoul, eng Panoplie un Aktivitéiten un, déi zum Sujet vun der Gewalt sensibiliséieren. Och de Kanner-Jugendtelefon bitt mam Elterentelefon (Écoute Parents) eng Ulafstell fir Elteren. Rezent goufen et awer och nach verschidde Campagnë vu Servicer vum MENJE fir zum Sujet ze sensibiliséieren, sou zum Beispill d'Campagne *Not sharing is caring* (2023) oder nach d'Campagne *Exit Mobbing* vum CePAS (2024).

Donieft huet de MENJE mam Gesetz iwwer d'Wuelbefannen an d'inklusiv Educatioun vum 13. Juni 2023 den Délégué à la protection des élèves (DPE) an de Lycéeën agefouert, deen ënner anerem d'Preventioun an d'Protektioun géint all Form vu Maltraitance a senge Missioune stoen huet.

Och d'Partenairen aus dem *Comité de coopération entre les professionnels dans le domaine de la lutte contre la violence* proposéieren ënnert der Leedung vum Ministère de l'Égalité des genres et de la Diversité eng breet Offer an dësem Domaine.

**Ad 3)**

De Regierungsprogramm ënnersträicht d'Wichtegkeet vun enger verbesserter Zesummenaarbecht tëscht dem Secteur vun der Aide à l'Enfance et à la Famille (AEF) an dem Beräich vun der Schoul, fir eng besser Sensibiliséierung ze garantéieren an eng optimal Betreiung vun de Kanner a Familljen ze erméiglechen. Sou fannen aktuell reegelméisseg Konzertatiounen tëschent de verschiddenen

Departementer vum MENJE statt, fir am Beräich vun der Preventioun Synergien ze schafen. De MENJE organiséiert an dësem Kontext och Informatiounscampagnen an de verschiddenen Schouldirektiounen, fir d'Enseignanten an d'Personal iwwer d'Ënnerstëtzungsméiglechkeeten ze informéieren. Dëst soll d'Kommunikatioun an d'Koordinatioun tëscht de verschiddenen Acteuren um Terrain verbesseren an eng méi effizient Berodung vun de Kanner a Famillje garantéieren.

De MENJE, wéi och de Justizministère, bedeelege sech zudeem och un den Aarbechte vun der nationaler Ulafstell fir d'Affer vu Gewalt, dëst ënnert der Leedung vum Ministère de l'Égalité des genres et de la Diversité.

**Ad 4)**

Am Kader vun der Reform vum Jugendschutz an der Aféierung vun engem eegestännege Jugendstrofrecht, ginn eng Rei Mesuren agefouert, déi eng Prise en charge vu stroffällege Mineuren erméiglechen an déi drop ofzielen, eng Reintegratioun an d'Gesellschaft ze erméiglechen an eng Recidive ze verhënneren. Et handelt sech dobäi, zum Beispill am Kader vun enger Peine non privative de liberté, ëm d'Obligatioun sech engem psychotherapeuteschen, psychologeschen oder psychiatreschen Traitement oder enger Behandlung vun Toxikomanie oder Alkoholismus ze ënnerzéien. Am Fall vu besonnesch schwéiere Strofdoten déi zu enger Peine privative de liberté féieren, gëtt ee psychiatresche Suivi am Centre pénitentiaire pour mineurs virgesinn.

Lëtzebuerg, den 18. Mäerz 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH